



Eist **Blietchen**



Foto: Monique Zenners-Mores

GEMENG TANDEL

September 2026

www.tandel.lu

Administration Communale de Tandel

Bureaux :
6, Hauptstrooss
L-9350 BASTENDORF

☎ 80 38 03-1

Nos horaires :

Bureau de la population

Tél. : 803 803 - 222
E-mail : joelle.storn@tandel.lu
Du lundi au vendredi
de 08h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
le mercredi ouvert jusqu'à 18h30
fermé le vendredi après-midi

Service technique

Tél. : 803 803 - 225
E-mail : technique@tandel.lu
Lundi : de 8h30 à 11h30
Mardi : de 8h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
Mercredi : de 8h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
Jeudi : de 8h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30
Vendredi : de 8h30 à 11h30

*Vu les interventions extérieures
sur les chantiers, uniquement sur
rendez-vous.*

Secrétariat

Tél. : 803 803 - 220
E-mail : secretariat@tandel.lu
Tél. : 803 803 - 232
E-mail : claudine.welter@tandel.lu
Du lundi au vendredi
de 8h30 à 11h30

Recette

Tél. : 803 803 - 230
E-mail : recette@tandel.lu
Du lundi au vendredi
de 8h30 à 11h30
Du lundi au jeudi
de 13h30 à 16h30

Sommaire

Léif Awunnerinnen an Awunner	1
OFFIZIELLES AUS DER GEMENG	
Séance publique du 3 juin 2026	2
Ëffentlech Sëtzung vum 3. Juni 2026	5
Séance publique du 13 juillet 2026	8
Ëffentlech Sëtzung vum 13. Juli 2026	10
Hecken, Uebst- an Lafbeem an der Gemeng Tandel	12
Mir hunn eis bestuet	15
WAT ASS LASS AN DER GEMENG?	
Vergaangen Aktivitéiten	16
Zukünfteg Aktivitéiten	29
TRADITIONEN AUS DER GEMENG	
De Benni, 1. Bau vun der Bunn- Abrëll 1886 bis Abrëll 1889	36
KANNERSÄIT	40
ÉCOLE DU GOÛT	
Eine natürliche Konservierung voller Leben	42
WEIDER INFORMATIOUNEN	
Leader: "Pimp your village: neue Wege in der Dorfentwicklung"	44
Guichet Unique PME	46
SuperDrecksKëscht	48
Police	49
Bee secure	56
Offallkalenner	57
Manifestatiounskalenner	58
Deng Foto als Titelsäit oder als Récksäit vun „Eisem Blietchen“?	60

De Redaktiounschluss fir déi nächst
Editioun vun „Eisem Blietchen“ ass de
26. Oktober 2026.

Schéckt eis w.e.g. bis dohinner
Är Artikelen eran op info@tandel.lu.

Mise en page et impression :
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN
LUXEMBOURG



Léif Awunnerinnen an Awunner,

Mat Freed presentéiere mir Iech nees eng nei Editioun vun „Eist Blietchen“.

Och dës Kéier invitéiere mir Iech, e Bléck op dat ze geheien, wat eis Gemeng an de leschte Wochen beweegt huet, a gläichzäiteg no vir ze kucken op dat, wat nach virun eis läit.

Dëst Joer ass e besonnescht Joer fir eis Gemeng. Virun 20 Joer hu sech Bastenduerf a Furen zu der Gemeng Tandel zesummege-schloss. Wat deemools eng couragéiert Entscheedung war, huet sech zu enger Erfollegsgeschicht entwéckelt. Haut si mir eng dynamesch Gemeng, déi sech permanent weiderentwéckelt, ouni dobäi hir Wuerzelen an d'Identitéit vun den eenzelen Dierfer aus den Aen ze verléieren. Dës Jubiläum ass virun allem eng Geleeën-heet, all deene Merci ze soen, déi sech an de leschte Joren – ob am Gemengerot, an der Verwaltung, an de Veräiner oder am Benevolat – fir eis Gemeng agesat hunn.

No der Summervakanz steet elo och de Start vum neie Schouljoer virun der Dier. Fir vill Kanner a Jugendlecher fänkt eng nei Etapp un – mat neie Klassekomeroden, neien Erfarungen an neien Er-ausforderungen. Ech wënschen allen Schülerinnen a Schüler vill Freed um Léieren, vill Virwëtz an e gelongene Schoulstart.

An dëser Editioun fannt Dir vill Andréck aus dem Gemengeliewen: Berichter iwwer Manifestatiounen, Aktivitéiten vun eise Veräiner an Institutiounen, Informatiounen iwwer lafend Projeten an en Ausbléck op déi nächst Evenementer. Si weisen, wéi vill Liewen, Zesammenhalt an Engagement et an eiser Gemeng gëtt.

Eng lieweg Gemeng leeft vun de Mënschen, déi sech mat Häerzblutt asetze, Verantwortung iwwerhuelen an d'Gemeinschaft stäerken. Dofir geet mäi grouse Merci un all déi, déi sech op iergendeng Aart a Weis fir Tandel engagéieren. Dir maacht eis Gemeng zu deem, wat se ass.

Ech wënschen Iech vill Freed beim Liese vun dëser Editioun vun „Eist Blietchen“, e schéinen Hierscht a virun allem vill flott Momenter an eiser Gemeng.

Mat häerzleche Gréiss,

Är Buergermeeschtesch,
Carole GILS

SÉANCE PUBLIQUE du 3 juin 2026

(le texte français fait foi)

Présents : tous les membres

1. Approbation de l'avant-projet détaillé concernant la construction d'un hall pour le service forestier des communes de Bettendorf et Tandel
2. Proposition de réaffectation de personnel enseignant
 - Liste 1 : 1 poste cycle 1 (75 %) 2026/2027
 - Liste 1 : 1 poste cycle 2-4 (75 %) 2026/2027
 - Liste 1 : 2 postes cycle 2-4 (100 %) 2026/2027
3. Création d'un poste de fonctionnaire communal (groupe de traitement B1, sous-groupe administratif) pour les besoins du secrétariat communal
4. Création d'un poste de salarié à tâche manuelle sous le statut du salarié handicapé
5. Fixation des taux de l'impôt foncier et de l'impôt commercial pour l'année 2027
6. Avis concernant l'intention de classement comme patrimoine culturel national
7. Octroi de concessions de colombaires aux cimetières de Bastendorf et de Fouhren
8. Approbation d'une convention avec le Club Aktiv Plus « Club Haus op der Heed »
9. Subsidés extraordinaires aux associations non-locales
10. Demande de subside extraordinaire

1. Approbation de l'avant-projet détaillé concernant la construction d'un hall pour le service forestier des communes de Bettendorf et Tandel

Le conseil communal décide unanimement d'approuver le devis estimatif d'un montant de 1.426.563,80 € HTVA, dont 612.709,15 € HTVA sont à charge de la commune de Tandel (42.95 %), ainsi que les plans y relatifs concernant la construction d'un hall forestier à Tandel.

2. Proposition de réaffectation de personnel enseignant

• Liste 1 : 1 poste cycle 1 (75 %) 2026/2027

Le conseil communal propose unanimement Madame Martine Gary pour la réaffectation du poste au cycle 1 à raison de 75 % pour l'année scolaire 2026/2027 (1ère liste), en qualité d'institutrice de l'enseignement fondamental pour la commune de Tandel.

• Liste 1 : 1 poste cycle 2-4 (75 %) 2026/2027

Le conseil communal propose unanimement Madame Aline Schwabe pour la réaffectation du poste au cycle 2-4 à raison de 75 % pour l'année scolaire 2026/2027, en qualité d'institutrice d'enseignement fondamental pour la commune de Tandel.

• Liste 1 : 2 postes cycle 2-4 (100 %) 2026/2027

Le conseil communal propose unanimement Monsieur Steve Müller et Monsieur Remo De Cecco pour la réaffectation des deux postes au cycle 2-4 à raison de 100 % pour l'année scolaire 2026/2027, en qualité d'instituteurs d'enseignement fondamental pour la commune de Tandel.

3. Création d'un poste de fonctionnaire communal (groupe de traitement B1, sous-groupe administratif) pour les besoins du secrétariat communal

Le conseil communal décide unanimement de créer un poste de fonctionnaire communal,

groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, à tâche complète, pour les besoins du secrétariat communal.

4. Création d'un poste de salarié à tâche manuelle sous le statut du salarié handicapé

Les communes ont l'obligation légale d'engager des salariés reconnus comme salariés handicapés. L'engagement de ces salariés permet de renforcer les équipes des services communaux. Le conseil communal décide unanimement de créer un poste de salarié(e) sous le statut du salarié handicapé à tâche complète et à durée indéterminée dans le groupe de salaire A.

5. Fixation des taux de l'impôt foncier et de l'impôt commercial pour l'année 2027

Le conseil communal décide unanimement de fixer, pour l'année d'imposition 2027, les taux suivants en matière d'impôts foncier et d'impôt commercial :

- Impôt foncier A :
275 % (deux cent soixante-quinze)
- Impôt foncier B :
275 % (deux cent soixante-quinze)
- Impôt commercial :
275 % (deux cent soixante-quinze)

6. Avis concernant l'intention de classement comme patrimoine culturel national

Le ministre de la Culture, Monsieur Eric Thill, informe la commune de Tandel de son intention de classer l'immeuble sis à Brandenburg, 40, Schlapp en tant que patrimoine culturel national. Le conseil communal estime que le bâtiment ne présente ni un intérêt patrimonial, ni une substance bâtie suffisante pour justifier son classement et sa conservation au titre du patrimoine culturel national.

Le conseil communal émet unanimement un avis défavorable à la proposition de classement de l'immeuble en question.

7. Octroi de concessions de colombaires aux cimetières de Bastendorf et de Fouhren

Le conseil communal décide unanimement d'octroyer deux concessions de colombarium pour une durée de 30 ans :

- au cimetière de Bastendorf, à Monsieur et Madame Léon et Annette Lucas-Ronkar

- au cimetière de Fouhren, à Madame Silvana Maria Alves Cruz.

Les présentes concessions sont soumises au paiement d'une taxe au montant de 375 € à la caisse communal.

8. Approbation d'une convention avec le Club Aktiv Plus « Club Haus op der Heed »

Le conseil communal approuve unanimement la convention avec le Club Aktiv Plus dénommé « Club Haus op der Heed ».

9. Subsidés extraordinaires aux associations non-locales

Le conseil communal décide unanimement d'accorder aux associations non-locales un subside extraordinaire à hauteur de 100 € chacune :

Société de Gymnastique Housen asbl
HUT – Hëllef um Terrain
Plooschter Projet asbl
ONGD Rokku Mi Rokka
Respect.lu – centre contre la radicalisation
Association nationale des Victimes de la Route asbl
PADEM
Ambulanz Wonsch – Lescht Erënnerungen schafen
Tukwataniise Asbl
APEMH Fondation
ONGD-FNEL Scouts & Guides
ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt
SOS FAIM asbl
Mitica Association d'aide à l'enfance
Nouvelle PNP asbl
Schieren Atelier ATP asbl
CSI Lëtzebuerg
Fondation Partage Luxembourg
FleegeElteren Lëtzebuerg asbl
Les Amis du Tibet Luxembourg asbl
SCAP Lëtzebuerger Aktiounskrees Psychomotorik asbl
Centre d'information et de documentation femmes et gendre

MemoShoah Luxembourg asbl
Kanner an Familienhëllef Lëtzebuerg asbl
Fondation Lëtzebuerger Blannevereenung
Lux Rollers asbl
Association pour le Spina Bifida Luxembourg asbl
SOS Détresse
Sécurité Routière Luxembourg
Action pour un Monde Uni asbl

10. Demande de subside extraordinaire

Le conseil communal décide unanimement d'allouer un subside extraordinaire de 450 € à l'association locale APEEPP afin de contribuer au financement du spectacle présenté par Georges Christen dans le cadre de la fête scolaire 2026.



Foto: Tania Meyers

ËFFENTLECH SËTZUNG vum 3. Juni 2026

Präsent: all Memberen

1. Approbatioun vum Avant-projet fir de Bau vun enger Hal fir de Service forestier vun de Gemenge Bettenduerf an Tandel
2. Proposition vum d'Neibesetzung vum Léierpersonal:
 - a. Lëscht 1: 1 Posten Cycle 1 (75 %) fir d'Schouljoer 2026/2027
 - b. Lëscht 1: 1 Posten Cycle 2-4 (75 %) fir d'Schouljoer 2026/2027
 - c. Lëscht 1: 2 Posten Cycle 2-4 (100 %) fir d'Schouljoer 2026/2027
3. Schafung vun engem Posten als Gemengebeamten an der Karriär B1 fir d'Gemengesekretariat
4. Schafung vun engem Posten als Aarbechter ënnert dem Statut vum behënnerte Salarié
5. Festleeë vum Steiersaz fir d'Grondsteier an d'Gewerbesteier fir d'Joer 2027
6. Avis zum Klasséiere vun engem Gebai als nationaalt kulturellt Patrimoine
7. Vergi vu Columbarium-Konzessiounen um Kierfent zu Baastenduerf an zu Furen
8. Geneemigung vun enger Konventioun mam Club Aktiv Plus „Club Haus op der Heed“
9. Extraordinär Subside fir net-lokal Associatiounen
10. Ufro vun engem extraordinäre Subside.

1. Approbatioun vum Avant-projet fir de Bau vun enger Hal fir de Service forestier vun de Gemenge Bettenduerf an Tandel

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, den Devis an Héicht vun 1.426.563,80 € HTVA, vun dem 612.709,15 € HTVA op Käschte vun der Gemeng Tandel (42,95 %) sinn, souwéi déi domat verbonne Pläng, betreffend de Bau vun enger Hal fir de Service forestier, ze geneemigen.

2. Proposition vum d'Neibesetzung vum Léierpersonal:

- a. Lëscht 1: 1 Posten Cycle 1 (75 %) fir d'Schouljoer 2026/2027

De Gemengerot proposéiert eestëmmeg d'Madamm Martine Gary fir de Posten am Cycle 1 zu 75 % fir d'Schouljoer 2026/2027, an der Funktioun als Joffer an der Grondschoul fir d'Gemeng Tandel.

- b. Lëscht 1: 1 Posten Cycle 2-4 (75 %) fir d'Schouljoer 2026/2027

De Gemengerot proposéiert eestëmmeg d'Madamm Aline Schwabe fir de Posten am Cycle 2-4 zu 75 % fir d'Schouljoer 2026/2027, an der Funktioun als Joffer an der Grondschoul fir d'Gemeng Tandel.

- c. Lëscht 1: 2 Posten Cycle 2-4 (100 %) fir d'Schouljoer 2026/2027

De Gemengerot proposéiert eestëmmeg d'Häer Steve Müller a Remo De Cecco am Cycle 2-4 zu 100 % fir d'Schouljoer 2026/2027, an der Funktioun als Schoulmeeschter an der Grondschoul fir d'Gemeng Tandel.

3. Schafung vun engem Posten als Gemengebeamten an der Karriär B1 fir d'Gemengesekretariat

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, e Posten als Gemengebeamten an der Karriär B1 zu 100 % fir d'Gemengesekretariat ze schafen.

**4. Schafung vun engem Posten als Aarbechter
ënnert dem Statut vum behënnerte
Salarié(e)**

D’Gemengen hunn eng gesetzlich Obligatioun, Aarbechter anzustellen, déi als behënnerten Aarbechter unerkannt sinn. D’Astellung vun dësen Aarbechter erméiglecht et, d’Ekippe vun de Gemengeservicer ze verstärken. De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, e Posten als Salarié(e) ënnert dem Statut vum behënnerten Aarbechter zu 100 % an op onbestëmmten Zäit an der Lounkategorie A ze schafen.

**5. Festleeë vum Steiersaz fir d’Grondsteier an
d’Gewerbsteier fir d’Joer 2027**

De Gemengerot beschléisst eestëmmig, fir d’Steierjoer 2027 déi follgend Tariffer festzeleeën:

- Grondsteier A:
275 % (zweehondert fënnfasiwwenzig)
- Grondsteier B:
275 % (zweehondert fënnfasiwwenzig)
- Gewerbsteier:
275 % (zweehondert fënnfasiwwenzig)

**6. Avis zum Klasséiere vun engem Gebai
als nationaalt kulturellt Patrimoine**

De Kulturminister, Eric Thill, informéiert d’Gemeng Tandel iwwert seng Intentioun, d’Gebai zu Branebuerg, 40 Schlapp, als nationaalt kulturellt Patrimoine ze klasséieren. De Gemengerot ass der Meenung, datt d’Gebai weder e patrimonialt Interesse nach eng baulech Substanz huet, fir säi Klasséieren an d’Erhalen als nationaalt kulturellt Patrimoine ze rechtfäerdeg.

De Gemengerot gött eestëmmeg een negativen Avis zur Propositioun vum Klasséiere vum be-
traffene Gebai of.

**7. Vergi vu Columbarium-Konzessiounen
um Kierfent zu Baastenduerf an zu Furen**

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, zwou Columbarium-Konzessiounen fir eng Dauer vun 30 Joer ze verginn:

- um Kierfent zu Baastenduerf un den Här an d’Madamm Léon an Annette Lucas-Ronkar,
- um Kierfent zu Furen un d’Madamm Silvana Maria Alves Cruz.

Dës Konzessiounen si mam Bezuele vun enger Tax vun 375 € un d’Gemengekeess verbonden.

**8. Geneemigung vun enger Konventioun mam
Club Aktiv Plus „Club Haus op der Heed“**

De Gemengerot geneemigt eestëmmeg d’Konventioun mam Club Aktiv Plus, genannt „Club Haus op der Heed“.

**9. Extraordinär Subside
fir net-lokal Associatiounen**

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, de follgende net-lokalen Associatiounen en extraordinäre Subside vun jeeweils 100 € ze ginn:

Société de Gymnastique Housen asbl
HUT – Hëllef um Terrain
Plooschter Projet asbl
ONGD Rokku Mi Rokka
Respect.lu – centre contre la radicalisation
Association nationale des Victimes de la Route asbl
PADEM
Ambulanz Wonsch – Lescht Erënnerungen schafen
Tukwataniise Asbl
APEMH Fondation
ONGD-FNEL Scouts & Guides
ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt
SOS FAIM asbl
Mitica Association d’aide à l’enfance
Nouvelle PNP asbl
Schieren Atelier ATP asbl
CSI Lëtzebuerg
Fondation Partage Luxembourg
FleegeElteren Lëtzebuerg asbl
Les Amis du Tibet Luxembourg asbl
SCAP Lëtzebuerger Aktiounskrees Psychomotorik asbl
Centre d’information et de documentation femmes et genre
MemoShoah Luxembourg asbl
Kanner an Familienhëllef Lëtzebuerg asbl
Fondation Lëtzebuerger Blannevereening
Lux Rollers asbl

Association pour le Spina Bifida
Luxembourg asbl

SOS Détresse

Sécurité Routière Luxembourg

Action pour un Monde Uni asbl

10. Ufro vun engem extraordinäre Subside.

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, der lokaler Associatioun APEEPP en extraordinäre Subside vu 450 € z'akkordéieren, fir d'Finanzéierung vum Spektakel vum Georges Christen am Kader vum Schoulfest 2026.




Foto: Julie Claus

SÉANCE PUBLIQUE du 13 juillet 2026

(le texte français fait foi)

Roeder Marc, échevins et Patricia Da Mota, conseillère
étaient absents durant la séance du conseil communal

1. Etat des restants 2025 présenté par le receveur communal
2. Organisation scolaire provisoire 2026/2027
3. Organisation scolaire de l'enseignement musical UGDA 2026/2027
4. Approbation d'une convention
5. Approbation d'un compromis de vente
6. Acquisition de terrains forestiers – accord de principe
7. Demande de subsides extraordinaires
8. Huis clos : Affaires de personnel

1. Etat des restants 2025 présenté par le receveur communal

Le receveur a présenté au conseil communal les recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2025. Le conseil communal décide unanimement d'admettre et d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent au présent état avec la mention « à poursuivre ».

	Service ordinaire	Service extra- ordinaire
Restants à poursuivre	45.828,58 €	0,00 €
Décharges	13,10 €	0,00 €
Total	45.841,68 €	0,00 €

2. Organisation scolaire provisoire 2026/2027

Le conseil communal approuve unanimement l'organisation scolaire provisoire 2026/2027 telle que présentée, ainsi que la convention concernant la collaboration entre l'école fondamentale et la structure assurant l'accueil socio-éducatif dans le cadre de la mise en œuvre

du plan d'encadrement périscolaire de la commune de Tandel.

3. Organisation scolaire de l'enseignement musical UGDA 2026/2027

Le conseil communal approuve unanimement

- le projet d'organisation scolaire provisoire de l'enseignement 2026/2027 dispensé par l'Ecole de musique de l'UGDA et de confier les cours dudit enseignement musical à l'UGDA.

En outre, le conseil communal approuve unanimement :

- le tarif unitaire par heure de cours pour toute l'année scolaire 2026/2027 fixé à 6.911,06 €
- la prise en charge des frais de fonctionnement au montant de 160.682,15 € tel que fixé dans la convention
- l'inscription du crédit nécessaire au budget 2027.

4. Approbation d'une convention

Le collège échevinal a conclu, le 9 mars 2026, avec Madame Elisabete Maria Dos Santos Pereira et Monsieur Manuel José Gonçalves Magalhaes, domiciliés à Brandenburg, 5 Hauptstrooss, une cession à titre gratuit de deux parcelles cadastrales portant les numéros 243/451 et 244/747, sises à Brandenburg d'une surface approximative de 32 ca.

Le conseil communal décide unanimement d'approuver ladite cession gratuite.

5. Approbation d'un compromis de vente

Le 28 mai 2026, le collège échevinal et les époux Jungels-Hilgert Paul et Margot ont conclu un compromis de vente concernant la cession d'une partie du terrain du domaine public, situé derrière la parcelle cadastrale numéro 173/180, sise à Brandenburg, section BB de Brandenburg-Ouest.

Le conseil communal décide unanimement d'approuver ledit compromis de vente et de charger le notaire Me Elvinger Marc de la confection de l'acte notarié.

6. Acquisition de terrains forestiers – accord de principe

La fabrique d'église et le conseil d'administration du fonds de gestion des édifices religieux ont l'intention de céder six parcelles sises sur le territoire de la commune de Tandel. (voir tableau ci-dessous)

N° cadastral	Section	Lieu-dit	Contenance
794/1	BD de Bastendorf	Unter dem Busch	1ha 55a 70ca
811/0	BD de Bastendorf	Auf der Welkeschkaul	0ha 16a 70ca
810/494	BD de Bastendorf	Auf der Welkeschkaul	0ha 04a 10ca
866/1	BD de Bastendorf	Heiligeland	1ha 74a 50ca
867/0	BD de Bastendorf	Grosse Busch	1ha 01a 80ca
5/1339	FA de Walsdorf	In Poschent	0ha 41a 90ca
		Surface totale :	4ha 94a 70ca

7. Demande de subsides extraordinaires

Baastenduerfer Musik	250,00 €
Amicale vun de Pompjeen	250,00 €
Sängerbond Helvetia	250,00 €
FC47 Bastendorf	500,00 €
Club des jeunes Fouhren	500,00 €
APEEPP	500,00 €
Damp an der Këscht	500,00 €
Bleesdaller Dunnekëscht	500,00 €
Landjugend Furen	500,00 €

Le collège échevinal propose d'allouer un subside extraordinaire aux associations locales pour leur support à la fête nationale 2026.

Le montant total des dépenses s'élève à 3.750,00€.

Le conseil communal approuve unanimement l'octroi de ces subsides extraordinaires aux différentes associations locales.

8. Huis clos : Affaires de personnel

Monsieur Chris Wohl est nommé provisoirement aux fonctions de fonctionnaire communal, groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique.

ËFFENTLECH SËTZUNG vum 13. Juli 2026

De Marc Roeder, Schäffen an d'Patricia Da Mota, Gemengerot-Membere ware fir d'Sëtzung entschëlligt.

1. Restantenetat 2025, präsentéiert vum Receveur
2. Provisorisch Schoulorganisatioun 2026/2027
3. Schoulorganisatioun vun der Musikschoul UGDA fir 2026/2027
4. Approbatioun vun enger Konventioun
5. Approbatioun vun engem Verkafsvirvertrag
6. Akaf vu Bëschparzellen – prinzipiell Zoustëmmung
7. Extraordinär Subsidë fir d'Veräiner
8. Huis clos: Personalaffär

1. Restantenetat 2025, präsentéiert vum Receveur

De Receveur huet dem Gemengerot d'Recette presentéiert, déi bis zum Ofschloss vum Joer 2025 nach net bezuelt waren. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de follgende Stand unzehuelen:

	Ordinäre Service	Ausseruerdentleche Service
Recetten déi nach net bezuelt goufen	45.828,58 €	0,00 €
Ofschreiwungen (Décharges)	13,10 €	0,00 €
Total	45.841,68 €	0,00 €

De Schäfferot gëtt beoptraagt, déi Recetten déi nach net bezuelt goufen mat juristische Suiten anzezéien.

2. Provisorisch Schoulorganisatioun 2026/2027

De Gemengerot stëmmt eestëmmeg fir déi provisorisch Schoulorganisatioun 2026/2027 sou wéi se präsentéiert gouf, souwéi d'Konventioun

iwwert d'Zesummenaarbecht tëscht der Grondschoul an der Struktur, déi déi sozio-educativ Betreierung am Kader vun der Ëmsetzung vum kommunale Betreierungsplang vun der Gemeng Tandel sécherstellt.

3. Schoulorganisatioun vun der Musikschoul UGDA fir 2026/2027

De Gemengerot hält eestëmmeg follgend Punkten un:

- de Projet vun der provisorischer Schoulorganisatioun 2026/2027 vun de Musikcoursen, déi vun der UGDA gehale ginn

Zousätzlech stëmmt de Gemengerot eestëmmeg fir

- den Eenheitspräis vu 6.911,06 € fir d'Coursen pro Stonn fir d'ganz Schouljoer 2026/2027
- d'Iwwerhuele vun de Betribskäschten an der Héicht vun 160.682,15 €, sou wéi dëst an der Konventioun festgehalen ass.
- den néidege Kredit fir de Budget 2027 virzege-sinn.

4. Approbatioun vun enger Konventioun

De Schäfferot huet den 9. Mäerz 2026 mat der Madamm Elisabete Maria Dos Santos Pereira an dem Här Manuel José Gonçalves Magalhaes, wunnhaft zu Branebuerg, 5, Hauptstrooss, eng

„cession gratuite“ vun zwou Kadasterparzellen mat den Nummern 243/451 an 244/747, zu Branebuerg vun enger ongeféierer Fläch vun 32 ca ënnerschriwwen.

De Gemengerot approuvéiert eestëmmig dës „cession gratuite“.

5. Approbatioun vun engem Verkaufsvirvertrag

Den 28. Mee 2026 huet de Schäfferot mam Här a Madamm Jungels-Hilgert Paul a Margot e Verkaufsvertrag iwwert een Deel vun enger Parzell am öffentliche Besëtz, hannert der Kadasterparzell mat der Nummer 173/180, zu Branebuerg, Sektioon BB vu Branebuerg-West ofgeschloss.

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg dësen Verkaufsvertrag.

6. Akaf vu Bëscherparzellen – prinzipiell Zoustëmmung

D’Kierchefabrick an de Kierchefong wëlle sechs Bëscher-Parzellen um Territoire vun der Gemeng Tandel verkaufen. Et handelt sech ëm folgend Parzellen. (Kuckt d’Tabell hei ënnen.)

Dës Parzellen hunn e Wäert vun 102.969,75 € wat enger Moyenne vun 208,15€ pro Ar entsprécht.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg ee prinzipiellen Akkord fir d’Kaf vun dëser Bëscher.

7. Extraordinär Subsidie fir d’Veräiner

Baastenduerfer Musik	250,00 €
Amicale vun de Pompjeen	250,00 €
Sängerbond Helvetia	250,00 €
FC47 Bastendorf	500,00 €
Club des jeunes Fouhren	500,00 €
APEEPP	500,00 €
Damp an der Këscht	500,00 €
Bleesdaller Dunnekëscht	500,00 €
Landjugend Furen	500,00 €

De Schäfferot proposéiert, fir de lokale Veräiner een extraordinäre Subsidie fir hir Hëllef bei de Festivitéiten vun Nationalfeierdag ze verdeelen:

D’Gesamtkäschte belafen sech op 3.750,00 €.

De Gemengerot hëllt eestëmmeg dës Proposition un, fir de lokale Veräiner déi jeeweilig Subsidien z’accorderen.

8. Huis clos: Personalaffär

Den Här Chris Wohl gëtt provisorisch op d’Platz vum Gemeindebeamten an der Karriär A1 ernannt.

N° cadastral	Section	Lieu-dit	Contenance
794/1	BD de Bastendorf	Unter dem Busch	1ha 55a 70ca
811/0	BD de Bastendorf	Auf der Welkeschkaul	0ha 16a 70ca
810/494	BD de Bastendorf	Auf der Welkeschkaul	0ha 04a 10ca
866/1	BD de Bastendorf	Heiligeland	1ha 74a 50ca
867/0	BD de Bastendorf	Grosse Busch	1ha 01a 80ca
5/1339	FA de Walsdorf	In Poschent	0ha 41a 90ca
		Surface totale :	4ha 94a 70ca

Hecken, Uebst- an Lafbeem an der Gemeng Tandel



Im Jahr 2006 übernahm die Fusionsgemeinde Tandel das Programm zur Umsetzung von ökologischen Maßnahmen, das 2001 in Bastendorf und 2003 in Fohren gestartet wurde.

Seit Projektbeginn konnten mit finanzieller Unterstützung des Umweltministeriums und der Gemeinde Tandel auf dem heutigen Gemeindegebiet insgesamt 52 Laubbäume, 1587 Obstbäume und 3078 m Hecken angepflanzt sowie 1530 Bäume gepflegt werden.

Dieses erfolgreiche Naturschutzprojekt wird auch im Jahr 2027 weitergeführt und beinhaltet folgende Schwerpunkte:


1. Anpflanzung von einheimischen Hecken, Laub- und Hochstammobstbäumen
2. Pflege von Hochstammobstbäumen und markanten Laubbäumen



Birnbaum



Apfelbaum



Kirschbaum

Wir wollen alle interessierten Einwohner/innen der Gemeinde Tandel einladen, sich am Projekt zur Erhaltung und Pflege der Bongerten und markanten Laubbäume sowie Hecken im Jahr 2027 zu beteiligen.

Wir als Gemeinde möchten Sie dabei tatkräftig unterstützen. Lesen Sie das beigefügte Formular durch und **schicken Sie es ausgefüllt bis spätestens 30. September 2026 an die Gemeinde zurück** (Adresse siehe übernächste Seite). Sie werden danach persönlich kontaktiert, um mit Ihnen vor Ort die Arbeiten zu planen, die dann im Jahr 2027 durchgeführt werden. Dabei werden die Anträge, die zuerst eingegangen sind, vorrangig behandelt.

Sowohl Grundbesitzer in der Grünzone als auch Besitzer von Wiesen und Weiden in Dorfnähe können dieses Angebot bedingt im Rahmen des Gemeindebudgets annehmen und von den Anpflanzungen, Pflegemaßnahmen, der Beratung sowie der Sammelbestellung profitieren.

Da die Kontrolle der früheren Anpflanzungen nicht mehr alleine über das Projekt zu bewerkstelligen ist, können frühere Antragsteller die erforderlichen Unterhaltsarbeiten über das nachfolgende Formular anmelden.

Falls Sie weitere Fragen haben, so können Sie sich an den technischen Dienst der Gemeinde wenden

Francisco PACHECO

Tel.: 803 803 -226

Mo. - Fr.: 8.00 - 12.00 und
13.00 - 17.00 Uhr

oder an den Mitarbeiter des Naturpark Our

ALAIN KLEIN

Naturpark Our – Biologische Station

12, Parc, L-9836 Hosingen

Tel.: 90 81 88 - 643

Mo. - Fr.: 9.00 - 12.00 und 14.00 - 17.00 Uhr



Antragsformular 2027

Hecken, Uebst- an Lafbeem an der Gemeng Tandel

Ich möchte mich am Projekt zur Anpflanzung und Pflege von einheimischen Hecken, Laub- und Hochstammobstbäumen beteiligen.

Name, Vorname

Straße, Nr.

Plz., Ortschaft

Tel. (um Termin vor Ort zu vereinbaren)

A. In der Grünzone

1. Neuanpflanzungen

Länge der einheimischen Hecke (m)

Anzahl der Laubbäume (Solitär-, Alleebäume)

Anzahl der Hochstammobstbäume

, welche ich pflanzen lassen möchte.

Bedarf an Weideschutzzaun und/oder Weideschutzkäfig: ja - nein

2. Pflegeschnitt an Hochstammobstbäumen / alten, markanten Laubbäumen

Anzahl der Obstbäume / markanter Laubbäume

, die ich schneiden lassen möchte.

Der Projektteilnehmer ist verantwortlich fürs Wegräumen des anfallenden Holzes.

Mein finanzieller Beitrag in der Grünzone beträgt:

- | | | | |
|---|---------|---------------------------|-------|
| a) Pflanzung von Hecken | 10 % | b) Pflanzung eines Baumes | 5.- € |
| c) Pflanzung eines Baumes mit Weideschutz | 7,5.- € | d) Baumschnittkosten | 25 % |

B. Innerhalb der Bauzone

Lieferung von einheimischen Laubbäumen und Hochstammobstbäumen:

- Anzahl der Laubbäume (Solitär-, Alleebäume)

- Anzahl der Obstbäume

, welche ich selbst pflanzen möchte.

Mein finanzieller Beitrag beträgt 50 % der Kosten des gelieferten Pflanzmaterials.

C. Unterhaltsarbeiten an Anpflanzungen der Vorjahre

- Ersetzen: Anzahl der Obst-/ Laubbäume/Hecken (m)

- Erziehungsschnitt an (ca. 2 jährigen) Hochstammobstbäumen: Anzahl der Jungbäume

- Weideschutz reparieren: Anzahl der Käfige

Der Umfang der angenommenen und umsetzbaren Anträge ist abhängig vom Budget und der Anzahl der Teilnehmer am Programm.



Bitte abtrennen und unbedingt bis spätestens 30. September 2026 an die Gemeinde zurücksenden (Adresse siehe folgende Seite).

Unterschrift

Datum

Der Bestand an **Obstbäumen** ist in den Jahren 1902 bis 1992 von ca. 24.300 auf 5.264 Bäume zurückgegangen. Viele dieser hochstämmigen Obstbäume sind völlig überaltert und in einem schlechten Pflegezustand; Größere Neuanpflanzungen werden hauptsächlich über das Gemeindeprojekt durchgeführt.

Hochstammobstbaum mit Holzpfehl, Drahtmanschette gegen Wildverbiss und Sitzstange für Vögel



Desweiteren verschwinden immer mehr **Einzelbäume**, die als Grenzbäume dienen, und **Baumgruppen** bzw. **Baumalleen**, die im Agrarland für Wind- und Erosionsschutz sorgen, sowie dem Vieh im Sommer Schatten spenden. Viele dieser markanten Laubbäume befinden sich in einem schlechten Pflegezustand.

Baum mit Weideschutz



Le présent formulaire est à envoyer ou à déposer à l'adresse suivante :

Administration
communale de Tandel

6, Hauptstrooss
L-9350 Bastendorf

Tél. :
803 803 - 230

TVA :
LU21036255



Mir hunn eis bestuet



06.06.2026

Charel GOERES & Leonie KRÜGER



26.06.2026

Bob WANDERSCHIED & Romy SCHMIT



BESTUET ♥



11.07.2026

Lex NICOLAY & Agata KLIMEK



18.07.2026

Tân Dat BUI & Katrin MAUS

Gebuerten - Naissances

Elyna THILL DECKER

19.05.2026

Lio PEREIRA JADO

17.06.2026

Cloé STEINFORT

21.06.2026

Stierffäll - Décès

Andrée SPEICHER, Fouhren

30.10.1946 - 17.06.2026

Joseph SCHREINER, Branebuerg

30.12.1940 - 27.06.2026



De 26. Abrëll hat de Sängerbond Helvetia op en ofwiesslungsräichen a lëschtgen Owend agelueden. D'Zil vum Event war et, de Gäschte e puer lëschtge a musikaalesch Stonnen ze bidden, wat eis och gelongen ass.

De musikaalesche Programm huet fir eng gudd Stëmmung am Sall gesuergt.

De Chouer huet net nëmme bekannte Lëtzeburger Lidder mee och aner bekannte Stécker gesong zum Thema Rendez-Vous a Fréijoer.

Tëscht de musikaaleschen Einlagen huet den Humor am Mëttelpunkt gestanen.

Verschidde Spriecher hunn op der Bühn mat kuerzen, treffséchere Einlage fir vill Lacher gesuergt. Doniewent hate mir och e kleng Quiz organiséiert wou et flott Corbeille ze wanne gouf.

Fir d'Verfleegung vun de Gäschte war beschdens gesuergt. An de Pause goufe Gedrénks an eng kleng Stärkung ugebueden, wat d'Geleeënheet

fir gutt Gespréicher mat de Visiteure gebueden huet.

D'Mëschung aus stëmmungsvollem Gesang, treffende Witzer an originelle Sketcher huet de Goût vum Publikum perfekt getraff. Mir freen eis elo schonn op déi nächst lëschtgen Owend.

Och op der zweeter Editioun vum internationalen Tandler Dësch den 10. Mee 2026 ware mir derbäi. Leider waren net vill d'Léit aus der Gemeng op deem awer flotten Event präsent, wou et drëm geet dat all Participant eppes z'iesse matbréngt (eng Entrée, en Hauptplat oder en Dessert fir ongeféier 6 Leit). Doraus gëtt e grouse, gemeinsame Buffet opgeriicht, deem d'kulinäresch Diversitéit vun den Awunner weist.

Eis nächste Projete sinn 2 kleng Concerten an Altersheemer zu Veinen an zu Dikrich iert mir da rëm e gréissere Concert en Vue hunn oder 2.

Den 29. November an der Parkierch zu Uewerfeelen an dann am Januar eise gewinnnten Dräikinnecsconcert zu Branebuerg. Hei ginn net nëmme klassesch méi och modern Lidder gesong.

Mir wäerten ab September intensiv un dese Concerte prouwen. Wann dir Loscht huet matzemaachen da kommt lascht oder mellst iech bei engem vun eis. Mir prouwe Freides owes zu Baastenduerf am Musekssall ab hallwer 8.



2. Internationalen Tandeler Dësch



SÄNGERBOND
HELVETIA
TANDEL

Ecole
du Gôût

10.05.
2026



WAT ASS LASS

Den 10. Mee haten d'**Kommissioun du vivre-ensemble interculturel** an de **Sängerbond HELVETIA** mat der **Ecole du goût** op den zweeten Internationalen Tandeler Dësch zu Baastenduerf bei der Gemeng invitéiert. Och wann et puer Leit manner waren wéi 2025 déi de Wee dohinner fonnt haten, war et dach eng gelongen Initiativ. D'Wieder war perfekt, de Concert stëmmungsvoll, d'Gesellschaft relax, d'Iessen ofwiesslungsräich.

Och de Gerochs Quiz vun der Ecole du goût huet sou Munchen op d'Prouf gestallt.

Nächsten Rendez-Vous ass den 09. Mee 2027, Europadag. Dir huet also Zeit vir Iech ee Plat oder een Dessert auszedenken deen dir a gudder Gesellschaft mat aneren Matbierger wëllt genéissen.



Festivitéite fir den Nationalfeierdag

19.06.
2026

Och dëst Joer, goufen d'Biergerinnen a d'Bierger op d'Festivitéite vun Nationalfeierdag, Freides, den 19. Juni 2026 op Tandel agelueden.



oder Leit déi nominéiert goufen, well si eppes besonnesches gelescht hunn.

Nom offiziellen Deel ass et weidergaang mam Volleksfest, wou d'Veräiner vill Hänn zur Verfügung gestallt hu fir ze hëllefen. Mir soen iech nach eng Kéier villmools Merci fir ären Asaz, ouni iech wär dëst net méiglech.

Un der Animatioun huet et och net gefeelt fir grouss a kleng. D'Crèche an d'Maison relais hunn Aktivitéite fir déi kleng ugebueden. Hinnen soe mir och villmools Merci fir hiert Engagement. Eis kleng Gäscht haten dann och hire Spaass um Sprangschlass. De musikalische



De feierlechen Te Deum, dee vum Här Jeannot Gillen gehale gouf, gouf vun der Baastenduerfer Musik an dem Sängerbond Helvetia musikalisch ënnerstëtzt.

No dëser Zeremonie huet d'Buergermeeschtesch hir traditionell Usproch gehalen an och verschidde Persounen aus der Gemeng géieert, sief dat Leit aus der Musik fir hiert Engagement

Programm huet ugefaangen mat engem Concert vun der Baastenduerfer Musik an duerno huet de Sängerbond Helvetia eis och nach puer Lieder gesongen, iert den DJ Paul on Tour mat Stëmmungsmusik den Owend ausklänge gelooss huet.



Visite vun enger argentinescher Delegatioun

22.06.
2026



WAT ASS LASS

Zënter Juli 2024 ass d'Gemeng Tandel duerch e Jumelage mat der Gemeng Estancia Grande an Argentinien verbonnen.

Den 22. Juni 2026 hat d'Gemeng d'Éier, eng argentinesch Delegatioun zu Lëtzebuerg ze begréissen. D'Delegatioun gouf vum Gemengerot

No dëser Visitt gouf hinnen d'École du Goût virgestallt. Als Ofschloss vum Programm kruten d'Gäschter do e klenge Mëttegiessen zerwéiert, wat Geleeënheet fir e flotte kulturellen an häerzlechen Austausch gebueden huet.



zu Branebuerg empfaangen. Am Kader vun hirem Openthalt hunn d'Gäschter zesumme mam Gemengerot d'Buerg vu Branebuerg besicht. Dobäi kruten si vum Här du Fays vill interessant Informatiounen iwwer d'Geschicht an d'Bedeutung vun der Buerg vermëttelt.





Wat war bei eis lass

De **26. Juni** hu mir, an Zesummenaarbecht mat dem **Léierpersonal** an der **Maison Relais**, d'Kanner an hir Famillen op dat traditionellt **Schoulfest zu Tandel** um Brill agelueden. Dat ganzt stoung dëst Joer am Zeeche vun **enger Rees ronderëm d'Welt**. D'Kanner konnten nomëttes op eng spannend Entdeckungsrees

duerch verschidde Länner goen an dobäi spillen, sech beweegen a vill nei Saachen ausprobéieren a kenneléieren. Trotz der grousser Hëtzt hu vill Leit de Wee bei eis fonnt an d'Kanner hunn sech gutt ameséiert.

De Boarding huet em 15:45 Auer ugefaang an d'Rees huet d'Kanner duerch **9 verschidde**





Länner gefouert, wou sinn u ganz spezifeschen **Aktivitéiten** deelhuele konnten, déi d'Léierpersonal, d'Maison Relais an d'Apepp fir si organiséiert hunn. Vu **sportlech**, **musikalesch** bis hin zu **kreativ** – et war fir jidfereen eppes derbäi. Am Virfeld kruten d'Kanner hire perséinleche **Reespass** mat Foto, deem si bei all Aktivitéit gewisen hunn, fir e **Stempel** ze kréien. Wa si dann op mannst 5 Länner bereest haten, kruten si vun der APEPP e klénge **Kaddo**, passend zum Motto. Déi extrem Temperaturen hu vill Kanner net zréckgehal, duerch déi 9 Länner ze reesen a follgend Aktivitéiten ze testen:

A **Frankräich** hunn si **Petanque** gespillt an a **Norwegen** gouf et eng méi summerlech Variant **Wikinger-Schach**: mat Waasserpistoule missen d'Kanner de Géigner hir Pingpongball vu



Bechere schéissen – eng wëllkomm Ofkillung bei deem waarme Wieder.

D'Hëlleforganisatioun **Le Soleil dans la Main** huet d'Kanner am **Burkina Faso** op en **Trommel-workshop** agelueden. Mat vill Begeeschterung hunn si verschidden Instrumenter a Rhythme kennegeleiert a konnten sech musikalesch ausliewen.

Och d'Statioun a **Südafrika** huet mat engem lëschtege **Waasserspill** fir eng agreabel Ofkillung gesuergt. Mat Hëllef vun enger Wipp gouf e Becher mat Waasser an d'Luucht geschleiert, deem en zweet Kand esou gutt wéi méiglech huet misse fänken. Dat ass net ëmmer gelongen an huet de Kanner vill Spaass bruecht.

An **Indien** konnten d'Kanner hiert Wëssen an hire Verhalt an engem **Lännerquiz** a Beweis stel-



len an Äntwerten op Froe ronderëm verschidde Länner a Kulture ginn.





D'Rees huet si weider a **Japan** gefouert, wou si e flotten Abléck an d'Kampfsportaart **Judo** kruten an e puer Grondtechnike kennegeléiert hunn.

Den **Australien-Parcours** huet Geschécklechee a Beweegelechee verlaangt. D'Kanner hunn sech duerch e Spannennetz geschlängelt, si wéi Kängurue gesprongen, wéi Koalae geklommen, wéi Emuen gelaf a wéi Krokodiller gekrocht.



A **Mexiko** stoungen d'Kreativitéit an d'Feinmotorik am Mëttelpunkt. Hei goufe faarweg **Frëndschaftsbracelet'e** geflecht, déi vill Kanner houfreg mat heem geholl hunn.

E letzten Atelier huet a **Kolumbie** stattfonnt, wou bei enger flotter **Zumba-Session** zesumme gedantz gouf. Hei hunn net nëmmen d'Kanner mat vill Begeeschterung matgemaach – och verschidden Erwuessener hunn sech vun der Musek an dem Héftschwong vun der Trainerin Larissa ustieche gelooss.

Als **Highlight** vum Dag ass dann nach de **Georges Christen**, de **stärkste Mann vu Lëtzebuerg** a **26-fache Guinness-Weltrekordler**, opgetrueden a huet Kleng a Grouss mat senger Kraaftdemonstratioune begeeschtert.

Mir hunn natierlech och fir Iessen an Drénken gesuergt an eis top **Tombola** huet dëst Joer nees vill Freed bruecht: all Lous huet gewonnen, an als **Hauptpräis** gouf souguer zum Schluss nach e Weekend fir véier Persounen am Resort Walsdorf verloust.





RESORT
WALSDORF

Meyrishauff

nico betzen
FERRONNERIE D'ART

ENTREPRISE
VINANDY
VIANDEN
83 48 20 fax 83 48 70

lalux
ASSURANCES

DKV
L'assuratrice
Agence Générale
Yves BESBORDES
5, rue Grand'Rue
63413 VIANDEN
Tel : 03 48 36 7 823 37 88 87

WIESENBACH
IMMOBILIÈRE

HOTEL
Heintz
VIANDEN

Atelier Floral
VIDIA

op tique
SCHAEFERS

WAT ASS LASS

Banque Raiffeisen, AquaNat'Our, Hotel-Restaurant Victor Hugo, Grand Bazar Diekirch, Margréitchen, Voyages Emile Weber, Pharmacie Mergen Rommes, San Art & Déco, Asport, NorTIC, Librairie Zimmer, LiZi, Maison Kremer, Café A Schweitzisch Beim Yvette, Muñoz-Art, Electricité Faber, WeltButtek Diekirch, Hotel Petry Vianden, Non Solo Vino, Camping Blesbruck, Librairie Biba, GLAS Haus Restaurant, Téléphérique de Vianden, Atelier mol-mol, Salon Tony, Hot Stone Chalet





Zum Ofschloss kruten d'Schülerinnen a Schüler vum **C4.2** vun der APEEPP als **Abschidskaddo** eng personaliséiert Powerbank als Erënnerung un hir Grondschoulzäit. Mir wënschen hinne vill Erfolleg op hirem weidere Wee am Lycée.

E **grousse Merci** geet och dëst Joer rëm un d'Léierpersonal, d'Maison Relais, d'Gemeng,

d'**Gemengenaarbechter**, d'ONG **Le Soleil dans la main**, de **Judo-Club Beaufort**, all fräiwëlleg **Helfer*innen**, an déi vill Sponsoren. Dank hirem Engagement war och dëst Schouffest nees e grouse Succès an dat trotz bal 40 Grad!

Wat steet als nächst um Programm

**Kaffi a Kuch fir d'Rentrée
de 15. September 2026**

Weider flott **Bastel-, Lies- oder Kino's Nomëtterger** an aner **interessant Aktivitéite** fir d'Kanner ginn och rëm geplangt. Mir halen Eech um Lafenden ... kuckt roueg och ëmmer op eiser **Facebook** Säit **Apepp – Elterevereenegung Tandel**.

Mir bleiwen weiderhin oppe fir all Iddi, Ënnersëtzung oder aktiv Hëllef. Mellt Eech einfach

per E-Mail (apeepp.tandel@gmail.com) oder schwätzt eis direkt un. Falls dir är Cotisatioun vun 10 Euro fir dat neit Schouljoer scho bezuele wëllt, kënnt dir dat ganz einfach iwwert d'Scanne vu folgendem **QR Payconiq Code**, oder mat enger Iwwerweisung op eise **Konto LU89 0019 5355 2688 0000** maachen.



Villmols Merci!



Bei beschtem Wieder huet de Club des Jeunes Fouhren viru Kuerzem op déi drëtt Editioun vum Summerfest, Furener Fox'e Fest, invitéiert. Awunner aus der ganzer Gemeng Tandel hunn d'Geleeënheet genotzt, fir e puer gemittlech Stonnen a geselleger Atmosphär zesummen ze verbréngen.

Schonn ab 12 Auer Mëttes war zu Furen um Parking vis-à-vis vum Centre Médical eng méi lass. Während déi Kleng sech bei de verschiddenen Aktivitéiten (Sprangschlass, Sinnesparcours, Molkräid) ameséiert hunn, konnten déi Erwuesen niewent dem klassesche Gegrills, déi néi Variante vun de Wagyu-Burger schmaachen an déi frëndlech Ambiance genéissen. De ganzen Nomëtteg iwwer konnt een den Tour de France live verfollegen an dann och Owes de WM-Match Frankräich géint England kucken.



De Veräin seet alle Memberen, Fräiwëlleger an der Gemeng e grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung. D'Jeunesse freet sech, och an Zukunft vill Leit kënnen ze begréissen an esou weider zum aktive Veräins- a Gemengeliwee bäizedroen.



Studierees mam Naturpark op Knokke

22.07.
24.07.
2026

WAT ASS LASS



Vum 22. bis de 24. Juli 2026 hunn déi dräi Naturparken eng interessant an ofwiesslungsräich Studierees op Knokke un der belscher Küst organiséiert.

D'Rees huet ganz am Zeeche vun der Nohaltegkeet gestanen, well d'Grupp zesumme mam Zuch gereest ass. Um Ziel ukomm, gouf de Vëlo zum Haapttransportmëttel – eng ideal Méiglechkeet, fir d'Géigend nohalteg an entspaant z'entdecken.

Nomëttes konnten d'Participanten den éischten Dag tëscht zwou Aktivitéite wielen. Eng Grupp huet un enger guidéierter Vëlostour deelgeholl a Knokke mat senger Küstelandschaft a sengem besonnesche Flair entdeckt. Déi aner Grupp huet sech an engem kulinarischen Atelier mat regionale Produiten an traditionelle Spezialitéite beschäftegt an dobäi d'Gastronomie vun der Region kennegeléiert.

Den zweeten Dag gong et moies scho mat Zäiten mam Vëlo Richtung Zwin. Bei enger guidéierter Fëierung duerch dëst eenzegaarteg Naturreser-



vat sänn mir vill Interessantes iwwer d'Flora, d'Fauna an d'Bedeutung vum Zwin als Rascht- a Brutgebitt fir vill Vullenaarten gewuer ginn. Déi aussergewöhnlech Landschaft ass beandrockend

Um leschten Dag stoung nach emol eng guidéiert Vëlostour um Programm. Dës Kéier louch de Schwéierpunkt op der Architektur vu Knokke. D'Participanten hunn en Abléck an d'Geschicht an d'Entwécklung vun der Küstestad kritt a konnten déi villfälteg Architektur – vu klass-esche Villen bis zu moderner Baukonscht – bewonneren.



No dräi erliefnisräichen Deeg, ville flotte Gespréicher a gudder Gesellschaft ass d'Grupp mat villen neien Andréck a schéinen Erënnerungen nees mam Zuch heem gereest.

D'Studierees huet op eng flott Manéier Natur, Kultur, Kulinarik a nohalteg Mobilitéit matenee verbonnen an ass bei alle Participanten a beschter Erënnerung bliwwen.

E grouse Merci un déi responsabel Organisateure vun dëser flotter an interessanter Rees.

WAT ASS LASS



Neies vun der Bleesdaller Dunnekëscht



Säit 14 Joer steet eisen Theaterveräin op de Been. Et seet een, d'Brieder vun der Bün bedeite d'Welt: Mir fannen si bedeite virun allem ganz vill Häerzblutt, eng gutt Ënnerhalung, déi séiss Opreegung virum Optrëtt an net ze vergiessen dat herrlecht Laachen am Sall.

Wat eisen Theaterveräin esou lieweg mécht? D'Mëschung! Bei eis deelen sech d'Generatiounen d'Bün an den Applaus. Egal ob Jonk mat frëschem Iddien oder erfuerene Bünenveteranen mam perfektem Timing fir d'Pointe: Jonk an Al zéie bei eis un engem Strang.

A well ee gutt Stéck ëmmer vun neien Impulser leeft, freeë mir eis riseg iwwer neie Schwong an nei Gesichter. Egal ob dir schonn ëmmer emol op der Bün wollt stoen, een Händche fir Kostümer a Requisitten hutt oder als Flüsterer d'Fiedem am Hannergrond zeien wëllt: Bei eis gitt dir net

nëmmen häerzlech begréisst, mee dir sidd vum eischten Dag un Deel vun eiser Theaterfamill.

Den Erléis vun eiser Ballon-Tombola – gestëft vum Nico Betzen – geet dëst Joer un de „Plooschter Projet“. D'Iwwereechung vum Chèque an Héicht vun 2.000 € ass traditionell op eisem Familljendag um „Ierpeldenger Weier“.

Haalt iech fir 2027 folgend Datumer fräi,

**12.03.
2027**

**13.03.
2027**

**20.03.
2027**

**21.03.
2027**

wann et rëm heescht: „Riddo op fir d'Bleesdaller Dunnekëscht“.

MIR FREËN EIS OP IECH!

Couren & Sport

AN DER GEMENG TANDEL

AKTIV | GESOND | ZESUMMEN



YOGA

ab Mëttwoch, 16. September, 18:30-19:30

